LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet a vum Här Inneminister op d'parlamentaresch Fro n° 1925 vum 12. Februar 2025 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Mandy Minella.**

Här Minister, hutt Dir Chifferen wéi héich de Stock u Jodpëllen an alle Gemengen ass? Erreechen se iwwerall den uewe genannte Minimum?

An der Circulaire n° 4180 vum 29. September 2022 sinn d'Gemengen drun erënnert ginn, dass si op Grond vum Cattenomsplang (Plan d'intervention d'urgence (PIU) en cas d'accident nucléaire) e reegelméissegen Inventaire vun hirem Stock u Jodpëlle musse maachen, an all Demande fir nei Jodpëllen ze kréien un d'"Division de la radioprotection" vun der "Direction de la santé" adresséiere mussen.

Op den 1. Januar 2024 hate 65 Gemengen Informatiounen iwwert de Stock u Jodpëlle bei der "Division de la radioprotection" agereecht. Dës Gemengen erreechen och den Taux vu 25%.

Et besteet keng Verflichtung, fir statistesch Donnéeën iwwert d'Stocken u Jodpëllen an de Gemengen z'erhiewen. Aus deem Grond kënnen keng Chifferen genannt ginn.

Huet den Här Minister Informatiounen doriwwer, ob all neie Resident, dee sech op enger Gemeng aschreiwt och wierklech Jodpëlle proposéiert kritt?

Mir verweisen op d'Äntwert vun der Fro 1.

Wéi vill Jodpëllen huet d'Regierung an de leschten 10 Joer bestallt?

De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet bestellt iwwert "Division de la radioprotection" vun der "Direction de la Santé" am Prinzip all 2-5 Joer Jodpëllen, ofhängeg vum Besoin u Stock. Fir déi national Verdeelung vun 2014 goufen zousätzlech Reserven iwwer den HCPN bestallt. An de leschte Joren goufe follgend Quantitéite vun der Santé bestallt:

| Année de la commande | Quantité (Blisters à 10 comprimés) |
|---|---|
| 2013 | 51 000 |
| 2017 | 50 000 |
| 2022 | 50 000 |
| 2023 | 88 000 |
| Total (Qté) | 239 000 |
| Total EUR | 137 8,42 |

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Madamm Ministesch, wéi gesäit et mat der Haltbarkeet vu Jodpëllen aus? Sollt een se no 10 Joer ersetzen oder ass dat an der Reegel net néideg?

D'Jodpëlle besti gréisstendeels aus dem stabele Salz Kaliumiodid, a sinn, ënnert normale Stockagekonditiounen, praktesch onbegrenzt haltbar. Et ass dofir net néideg se no 10 Joer ze ersetzen. D'Santé kontrolléiert reegelméisseg d'Efficacitéit vun de Lot'en déi am Moment am Ëmlaf sinn. Bis elo gouf keng signifikant Diminutioun vun der Efficacitéit festgestallt, och net bei den eelste Lot'en aus dem Joer 1998.

Ass virgesinn eng nei Sensibiliséierungscampagne ze lancéieren fir d'Bevëlkerung iwwer de Gebrauch a Stockage vu Jodpëllen opzekläeren?

Momentan gesäit de Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet keng nei Sensibiliséierungscampagne vir, an den HCPN schafft un enger Revisioun vu verschiddene Pläng, wéi zum Beispill dem Cattenomsplang.

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez